GEMENG JONGLËNSTER

Jonglënster, den 30. Oktober 2024

# 11. Reunioun – Rapport

**22. Oktober 2024 – Jugendhaus Jonglënster**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d'Présidence un d'Membere vun der Kommissioun an un ee vun eise neie Memberen dee sech och kuerz virgestallt huet.

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 10.Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Seefekëschterennen

- Et ass ee Feedbackformular erstallt ginn, dëse ass vun de Kommissiounsmemberen iwwer kuckt ginn. Dëse muss elo un déi eenzel Haiser geschéckt ginn an awer och vun de Memberen ausgefëllt ginn. Esou hu mir dee ganze Feedback zentral beieneen.
- Alleguerten d'Rechnungen, déi mir ugefrot haten, musse mir op der Gemeng ofginn.
- D'Jugendhaus deelt mat, dass si fir eng nächst Editioun sech eng Zesummenaarbecht wéi 2024 virstelle kënnen. Si hu kloer gesot, dass si keng Haaptorganisatioun iwwerhuelen, mee esou wéi d'Collaboratioun dëst Joer war.
- Mir gi mat de Verantwortleche vum Déifferdenger a Bissener Jugendhaus zesummen Iessen. Dëst fir hinne Merci fir hir vill a wäertvoll Aarbecht.

- Duerch den Zäitmangel konnte mir net an den Detail goen. Dofir muss dat an enger nächster Versammlung verdéift ginn. Hei awer schonn en éischte Feedback:
  - Museksanlag muss verbessert ginn
  - Zäitmoosser soll ee professionelle benotzt ginn
  - D'Jugendhaus huet ee Benefice vun 170 € konnte realiséieren.
  - De Gedrénksstand soll méi visibel gemaach ginn, eventuell eng Remorque vum Weber als Comptoir wéi op der NDS.
  - Soll een d'Strooss bäibehalen oder no enger Alternative kucken?
  - Eng Remorque vun de Méimaschinnen als Startrampe benotzen.
  - D'Kommunikatioun vun der Stroossespär soll méi wéi ee Mount am Viraus eraus goen.
  - Mir wäerten d'nächst Joer déi dräi éischt Plazen a net nëmmen déi zwou éischt Plaze éieren.
  - D'Botzmaschinn vun der Gemeng muss am Viraus ugefrot ginn.
  - Allgemeng ganz positive Feedback och iwwert d'Präisiwwerreechung um Maart.

## 5) Projet Graffiti Tunnel

- Et handelt sech heibaï em den Tunnel zu Gonnereng an der Cité Joseph Bech deen ënnert der aler N11 duerch geet. Hei ass d'Iddi opkomm dëse kënschtleresch schéin ze gestalten. Eis ass et wichteg hei déi Jonk mat anzebannen.
- D'Croix-Rouge déi Gestioun vum Jugendhaus zu Lënster huet, freet beim Service Hariko no ob si interesséiert wiere mat zemaachen.
- Esou kéinte mir hei zesummen ee flotte Projet gestalten.

## 6) Projet Kannergemengerot – Update

- Déi véier Memberen aus dem Aarbechtsgrupp haten eng éischt gemeinsam Sëtzung. Hei hunn si mol als alleréischte gekuckt wat et un esou Projeten am Land de Moment gëtt a wat et och schonn an eiser Gemeng gouf.
- Et ass festgehale ginn an engem éischte Schratt ee Kannergemengerot an d'Liewen zeruffen. Hei ass och d'Wichtegkeet vun der Zesummenaarbecht mat deene verschiddenen Schoulen an eiser Gemeng ënnerstrach ginn.
- Ee flotte Projet deen zeréckbehale ginn ass, befënnt sech zu Munneref. Hei gëtt Kontakt opgeholl fir eng Visite ze organiséieren.
- Desweidere wäert och den Zentrum fir politesch Bildung mat u Bord geholl fir de ganze Projet ze begleeden an eis ze ënnerstëtzen.

## 7) Sportleréierung

- D'Sportleréierung fënnt den 14.November statt.

Update - Versammlung mat der Gemeng zur Sportleréierung

**1. Virbereedung a Kommunikatioun mat de Veräiner:**

- Alleguerten d'Veräiner hunn d'Informatioune respektiv d'Fotoen era geschéckt; just de Volleyball nach net ganz, mee dëst ass mat der Gemeng ofgeschwat.

**2. Verwaltung an Organisatioun:**

- De Service Communication vun der Gemeng ass amgaangen eng Excel-Lëscht ze maachen, well all Veräin déi verschidden Informatioun op seng Aart a Weis era geschéckt huet. Dëst fir eng besser Iwwersiicht ze hunn.
- Et ass drëms gebiede gi Fotoen eranzeschécken: pro Veräin eng Foto.
- Si këmmeren sech och em d'Presentatioun a schécken d'nächst Woch eng éischt Versioun un de G.Baum an un d'Sportskommissioun.
- D'Sportleréierung fänkt mat deene Jonken un, gefollegt vun den Erwuessenen.

**3. Finanziell Ënnerstëtzung:**

- Am leschte Joer goufen iwwert 10.000 € un d'Veräiner bezuelt, d'Bonge vun den eenzel Sportler net mat aberechent.

**4. Aufgabeverdeelung a Logistik:**

- D'Présidence wäert um Riednerpult déi verschidden Teams respektiv Sportler ophuelen.
- De Schäfferot wäert dann op der Bün d'Bongen an d'Certificate verdeelen.
- D'Gedrénks wäert vun den „Damme vun der Gemeng" assuréiert ginn.
- D'Portiere këmmeren sech ëm d'Bün an dat ganzt Amenagement vum Sall.
- D'Gemeng huet eng Fotografin engagéiert déi alles a Bild festhält.
- D'Présidence geet d'Certificaten an d'Bongen op d'Gemeng sichen.

**5. An der Usprooch gëtt gesot:**

- Dass mat de Kanner respektive Jonken ugefaange gëtt.
- Dass Team-Montant vun der Gemeng un de jeeweilege Veräiner iwwerwise ginn.
- D'Enveloppe si just fir déi eenzel Sportler, dëst si Bonge fir an e Sportsgeschäft kënnen akafen ze goen.

**6. Editioun 2025:**

- Hei wäerte mir eis neit Konzept maachen, dëst esou wéi mir et schonn diskutéiert hunn.
- Et soll een neit Reglement ausgeschafft ginn. Hei leie scho Beispiller vun anere Gemengen um Dësch. Haaptsächlech geet et drëms fir engersäits an Zukunft sech op national Championnater respektiv d'Coupen oder europäesch an international Meeschterschaften ze fokusséieren. Net méi ee regionaalt Turnéier.

## 8) Ëmfro Veräiner

- An der Versammlung ass festgehale ginn eng grouss Ëmfro bei all de Sportsveräiner ze lancéieren. Hei wëlle mir unhand vun engem Questionnaire de Bols bei deene verschiddene Clibb miessen a feststelle wou de Schung dréckt. Duerno géife mir eng Synthèse dorauser schreiwen an en Avis als Sports- a Jugendkommissioun formuléieren. Dëse gëtt dann dem Schäffen- a Gemengerot presentéiert.
- Eventuell Probleem déi eis schonn opgefall sinn, ass ënnert anerem de Stockage. Iwwert dëse Sujet hate mir och an eiser 10.Versammlung mam Sportschäffe Gilles Baum driwwer riets.
- Desweideren ass de Gedanken opkomm fir eemol alleguerten d'Sportsveräiner, nom Questionnaire, beieneen ze brénge fir hei eventuell iwwert d'Resultat zesummen ze beroden. Eventuell kéint een och iwwert „Plageprobleem" oder d'Opdeelung vun den Hale schwätzen an dëst ganz einfach zesumme léisen.

## 9) Avis Paddle

- Mir haten ee Bréif als Kommissioun kritt bezüglech dem Thema Paddle. Leider war dëse wärend eiser Organisatioun, ënnert anerem vum Seefekëschterennen, ënner gaangen. Hei wäerte mir elo nofroen an dëst ugoen.

## 10) Oppen Diskussioun

- Mir wäerten op der Gemeng respektiv beim SNJ nofroen, op et ee fixen Datum fir „Nuit du Sport" gëtt, wéi zum Beispill den éischte Samschdeg am Mount oder ähnleches. Dëst fir d'Veräiner am Viraus besser informéieren ze kënnen.

- Bedéngt duerch d'Ëmstänn vun der Editioun 2025 musse mir am Viraus mat der Gemeng ofklären, fir eventuell op hir Grafiksagence kënnen zeréck ze gräifen.
- All Member vun der Kommissioun iwwerleet sech e puer Nimm fir eis nächste Versammlung den 12. November.
- Mir froen op der Gemeng no wéi et hei mat onser sougenannter „Kommissiounsmail" ausgesäit. Hei hat méi fréi un technesche Probleemer geleeën.

## 11) Nächst Datumer

| **Datum** | **Auerzäit** | **Plaz** | **Beschreiwung** |
|---|---|---|---|
| 12.11.2024 | 19:30 | Gaston Stein | 12.Reunion |
| 14.11.2024 | 17:00 | Gaston Stein | Sportleréierung |
| 03.12.2024 | 19:30 | Gaston Stein | 13.Reunion |
| 11/12.12.24 | 19:30 | An der Gemeng | Ofschlossiessen |

## 12) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | / |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär